



## De Sprooch-Virus

Sécher huet eng Zort vu Bierger et fir dës Zäit net grad liicht: eis **Krun-nemécken; do denkt ee jo bal u „Coronamécken“**; fir si dann eng Zort vu ... Matleed. Et gëtt elo ower och nach Leit, an deenen hirer Plaz een – éierlech gesot – net esou gär giff sinn: Alleguer déi Verantwortlech, sief dat op gesondheetlechem Plang oder an enger politiescher Fonction ... och wa mir alleguer wéissten, **wéi een et bes-ser kënnt maachen; dajee alt.**

Absolutt flott ass engem – neift dem Fong vun der Saach – opgefall, datt eis Sprooch op eng sympathesch Fassong zu Wuert komm ass: Dái 100 000-fach Publikatioun, déi „de Staat“ an d’Haizer verdeelt huet, guff net némmen „neift dem Franséischen, Däitschen, Portugiseschen an Engleschen opgesat, mä **och an der Haapsprooch vum Land**. Dat kënnt ee bal als positive „Virus“ fir d’Lëtzebuergesch kucken, e bëssen esou wéi dee positive Virus vun der Solidaritéit, déi sech an dësen „hänkegen“ Zäite weist.

**Mir hu vru ronn 50 Joer domat ugefang, eist Land, eis Heemecht, mam Virus vun eiser Sprooch ze „infizéieren“**, ower net als „Infektion“ am Senn vun enger „Entzündung/Inflammation“, mä als Verbredung vun engem Kulturstéck, dat de Charakter vun eisem klenge Staat ausmécht. Dat Ganzt ass mat butzegen Actiounen ugaang, souzesoe klengen „Tricken“. Net iwwer d’Schoul, mä mat Mëttelen, déi een éischter bei de „Marketing“ kënnt klasséieren: Annonce vun all Zort op Lëtzebuergesch; Uertschafts- a Stroossennimm; Honnerte vu sougenannte „pragmatische“ Emissiéinerchen um Radio an iwwer d’Press. **Lues a lues huet déi positiv „viral“ Manéier sech bei de Leit erageschlach – net onbedéngt „wéissenschaftlech!“** – an et 1984 mat eisem Sproochgesetz op eng Zort „Féiwer“ bruecht, dat wéi jidfer „Hëtz“ jo bekannterweis an ee Gléck net némme Schlechtes un sech huet. Wie Kanner gezillt huet, dee weess, datt si dacks no engem Féiwerspronk „e Saz“ beim Wuesse maachen. Haut kënne mir behaapten, datt **d’Lëtzebuergesch eppes wéi eng „Lëmmelszäit“ hanneru sech huet** an zimlech erwusses gëtt. Et geet net némme méi ém en etlech braver Spréchelcher a Gedichtercher; eng ganz Literatur ass amgaang eis Sprooch aus de Kannerschong erauswuessen ze dinn. Op offiziellem Plang ass aus deem schappegen „Heeschekand“ eng wibbeleg „Person“ ginn, déi émmer méi verstänneg a verständlech gëtt. Wien hätt dann z. B. „an der Zäit“ un e **„Regierungscommissariat“** geduecht ... och némmen dovu gedreemt?! Als „offiziell“ ass et némmen e Wutz vum „Institut grand-ducal“ fir eis Sprooch ginn, deen (op gutt Däitsch gesot) „beinahe unter Ausschluss der Öffentlichkeit stattfand“, bei allem Respekt fir d’Aarbecht, déi en opweises hat. Dann en **„Zentrum fir d’Lëtzebuergesch Sprooch / ZLS“** ... dat wier eng sproochlech Fatamorgana fir äis aner Sproochmatesse gewiescht, grad ewéi **d’Lëtzeburgistik als Fakultéitselement op eiser UNI** net ze vergiessen, déi esou eppes wéi déi iewesch Couche Lack op deem Ganzen ass ... mä éierlech: Wou wiere mir da mat deem ganzen Sproochgebiit ouni ... dräiomol däerft dir roden!

Deemno kann **d’Action-Lëtzebuergesch 2021 hire 50. Gebuertsdag** vläicht mat enger Grimmel Houfert feieren. An dat wäerte mir och maachen!

vum Lex Roth



## Fräistouss?

Et ass natierlech **eng prima Saach, datt den Här Dr. François Conrad sech mat eiser Sprooch – eine „Boomsprache“, wéi hien se nennt – um Gebitt vum Football ofgëtt**, an zwar op „wéissenschaftlechem“ Plang... wat dat „wéissenschaftlech“ hei dann och heesch. Hei an eiser KLACK gëtt et dann och eng Zort „Wéissenschaft“ fir/iwwer eis Sprooch; oder wéi soll ee ronn 1 500 KLACK-Artikelcher, 500 RTL.LU – „Agrëff“ oder 2 400 Radio/TV-Emissiounen iwwer/ëm d’Lëtzebuergesch da soss „wéissenschaftlech“ nennen? Wéivill grouss geschriwwen Titel wieren dat ginn?

Huet dat „Footballs-Lëtzebuergesch“ dann elo – jo oder neen? – eppes mat WÉSEN, also mat „Wéissenschaft“ ze din?

Fräistouss? Jo. Mä vun engem „coup franc“ héiert ee kee Lëtzeburger schwätzen; dat schéngt engem mat de Krauselen erbäigezunn ze sinn. Et schwätzt hei och kee vun engem „Penalty“; dat ass nun emol eiser typescher „Elefenter“, oder Elefmeter een; wéi ass et mam „Back“ oder mam „Zentervir“, „Zenterha(l)t“, mat der rietser/lénker Band? Désér Froerei dann e wéissenschaftliche Lack ginn? Naja. Da soll och emol een higoen, an **eis Sprooch vum ganze Sportgebitt zerguttst op de Leescht huelen**, déi an enger flotter Brochure erausginn... an eise Sportreporteren se an de Rucksak stiechen. Wier dat dann elo „Wéissenschaft“... oder ganz einfach „Pragmatik“, dat mécht besser wéi „Praxis“, gelldir... oder solle mir vu „Soziopedagogik“ schwätzen. A wéi wier et do mat engem Diplom? Vläicht, nom Michel Rodange am „Reenert“, engem butzen „Diplémchen“. ☺

Maja,

Da probéiert emol (op Däitsch/Franiséisch) ze iwwersetzen, an ärer Noperschaft wier soss näischt wéi „Beschass“, si hätten an engem Stéck „Rapp a Klapp“, si hätten sech matenee wéi d’Huertkreimer. Eise „Kameidi“ huet net onbedéngt mat enger Theaterbühn ze dinn, och wann et dees mat Zodi a Rämidämmi heinsdo aus Jalousie hannert dem Rideau gëtt. „Gebut-teks“ kann et och ginn, wann der zwee sech „zermäulen“, et sief dann, si giffen sech erém „er-kriéen“, wann et „duergeet“ mam „Gejäiz“.

**Dir gesit, datt eis Sprooch sech op dësem „sentimentale“ Plang net brauch hannert „Héichsproochen“ ze verstoppen.** ☺

## En Dijelkuch?

A watderdäiwei ass dann dat? Och de Frénd Willy Allamano hat dat net „drop“. Ower den Digel ass nach net dout, well et gëtt jo ower nach Leit, déi „Gréiwegromperen“ um Dësch hunn. Apaart an dëser „gekréinter“ Zäit wier dat souwisou emol rém keng schlecht Iddi: Gromperen einfach kachen (vläicht mat engem Küb aplaz Salz am Waasser); ofschédden a „gegreete“ Speck mat enger Pouz Kaffi driwwer maachen ...

En Dijel? Dat sinn déi **gosse Kasserollen**, an deenen de Speck schéi lues (net ze waarm) ausgelooss gëtt; et krut/kritt een déi an alle Moassen, esou, datt sech an déi méi grouss, wéi an eng Pan, och e Kuchendeeg tässele léisst; firwat net? Mä kënnt dir den Ausdruck „eng op den Dijel kreien“ oder d’Adjektiv „dièlech“ fir <zerguttst, tiptop, just mooss>? De Willy huet en elo zu Hengesch um „hard-disk“.

## De „Friemen“

Dat ass am Fong déi **wuertwirtlech Titel-iwwersetzung vum ETRANGER**, dem moderne Klassiker vum Albert Camus sengem bekanntste Buch; **LA PESTE** ass natierlech méi aktuell, ower den ETRANGER ass méi „philosophesch-dicht“. Fir den Ament ass en och op Lëtzebuergesch um Leescht. LA PESTE kënnt hannendrun. Einfach ass dat net, ower et léisst sech och weisen, datt eis Sprooch sech mat op d’mannst 45 vun deene 50 iwwersetzung vun désem Weltliteratur-Wierk moosse kann ... natierlech kann/soll och kritiséiert ginn ☺. Wäit iwwer 1 000 Master- an Dokterarbechte gëtt et iwwer dësen 160-Säite-Roman; do kréien natierlech bei villen d’Fléi nach d’Lais gesicht; alle Moleküle ginn d’Viren erausgekëddelt ... sou datt et hei-ansdo **Krämpes kascht, de Bësch vun elauter Beem nach erëmzeken**. Dat ass an eiser klenger, mä direkter Sprooch net de Fall. Dir wäert dat an e puer Méint matkréien, wann DE FRIEMEN – am Fong „de Gelungenen/dee fir sech/keen ewéi déi aner (d’Leit)“ – a LA PESTE (d’Pescht) an de Bicherbutteker leien.

## Bitte mehr Deutsch?

Natierlech ass **e Lëtzebuerger, dee géint d’däitsch Sprooch ass ... laantscht den Dill**. Iwregens ass ewell souguer dësen Ausdruck knapps op Däitsch iwwersetzbare; op Franséisch ower „à côté de la plaque“! Gelungenerweis sinn der esou sélleche **géint „dat zevillt Franséisch“ am Lëtzebuergeschen**. D’Ursaach ass kloer: Hirt Franséisch ass en Heeschekand, an déi däitsch TV-Programmen hunn eis Stuffen iwwerschwämmt; **d’Däitscht huet äis kritt!** Losst mer do dach éierlech sinn. Iwregens kann ee sech och an deem Senn mat iwwerflëssegere Bretzerei op Englesch auserneeseten.

Huet emol bei deenen, **déi de Fouss net aus deer däitscher Schinn kréien**, némmen dat total iwwerflësseg „lecker“, aplaz genësseg/geschmëicheg – wat maache mir mat enger *Unzel* (Zuel)? – firwat gëtt et dann op eemol elo „Undrang“ (Gedrécks) vrum Bäcker? – wat soll dee voll-däitsche „Virdergrond“ (virbäi/virop)? – dat ass dach just eng Saach vun ...dir kënnt wielen. ☺

Dees gëtt et leider maandelweis; mä leider hunn eis Leit vum LOD den Hank, deer fauler Äppel zevill an de LOD-Kuerf ze tässelen ... an da gëtt „gemengt“, dat wier „offiziell“. Ass et ower net esou einfach.

## Elle Wieder ...

Esou wéi an alle Sprooche gëtt et **och an eiser deer ellener/schroer Ausdréck**. Si sinn ower, grad ewéi vun do a vun hei erfert, net onbedéngt iwwersetzbare. **Déi „fein“ Fransousen hunn et apaart op de „CON“ ofgesinn**, an zwar mat hire spezifische Varianten: „Con“ als Substantiv, Adjektiv; do ass einfach eppes „con“; de „connard“ huet allméiglech Bedeutungen; d’„con-nasse“ ass och net rar, grad ewéi „connere“ ... mä dann **iwwersetzt dat emol eeriicht op Lëtzebuergesch oder Däitsch ... a geheit engem et dohinner ... net auszedenden!**

**D’Anglophone schéngen hires graffe „fucking“ a „fuck“ net émmer genuch ze kréien;** „shit“ a „bullshit“ huet och en héige „Stellewert“, vu „merde“ a „merdeux“ am Franséischen emol net ze schwätzen.

A bei äis? Do si mir ower mat „Fatzert, Drecksak, Knaschtert, Topert, Sappeler, Schnéssert, Tuddeler“ **zimlech brav, gelldir** ... esou guer wa bis elo net all Aa...lach dat iwwerluecht huet. ☺

## Erém an erém an erém

Mir haten äis hei ewell dacks **mat deem d’meescht absolutt iwwerflësseg „zréck“** (-kommen, -ginn, -droen, -fueren, -goen, ...), fir dat d’Lëtzebuergesch deen däitsche Gebrauch absolut net brauch ... a woumat mir **eiser Sprooch muttwölles vill „Speis“ téscht hiren Zillen erauspidden**.

Wann een déi Saach e bësse méi genee kuckt, da fénnt een hei Elementer, déi am Lëtzebuergeschen un seng **franséisch Säit** erénnerten. Do gëtt et dee „Préfixe <re>“ fir eng Widerhuelung unzemelden (rapporter, revoir, ramener, revenir, rendre ...). Mir hunn **eist <rém> bei „erémkommen, erémginn, erémbréngen, erémkréien, erémhuelen“** ... An da gëtt et an eiser Sprooch am selwechte Senn eng „Préfixe-Spezialitéit“ mat „hannescht“, do si mir am Däischteren, wann et èm d’Etymologie („Herkunft“) geet, ower et besteet nun emol; probéiert et mat deene klenge Beispiller hei uwendrun.